

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2022


Här President,

Sou wéi den Artikel 85 vum Chambersreglement et virgesäit, wéilt ech dem Här Minister fir d'Fonction publique eng erweidert parlamentaresch Fro stellen.

D'Verhandlungen tëscht der Regierung an der Staatsbeamtegewerkschaft iwwer de Bewäertungssystem am öffentlechen Déngscht sinn an enger Sakgaass. Den Här Minister an d'Gewerkschaft verrieden ënnerschiddlech Standpunkter, wat d'Ofschafung vun dësem Bewäertungssystem ugeet. Verrieder vun der Staatsbeamtegewerkschaft weisen drop hin, datt d'Mataarbechterbeurteilung ongëeegent fir den öffentlechen Déngscht ass an zu engem verstärkte Mësstrauen tëscht de Fonctionäre féiert.

Well d'Fro ronderëm de Bewäertungssystem am öffentlechen Déngscht vu grousser Wichtigkeet fir d'Zukunft vun der Fonction publique ass, wier ech frou, wann Dir dës erweidert Ufro un den Här Minister zäitno op d'Dagesuerdnung vun der Chamber kéint setzen.

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup, Deputéierten